



Claude WISELER  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/01/2025

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

An der Alzheimerfuerschung goufe rezent grouss Fortschrëtter gemaach. Esou gouf d'Medikament Lecembi entwéckelt. Den doran enthalene Wirkstoff Lecanemab géif net just Symptomer, mee d'Kränkt u sech ugräifen. Zanter Enn November an der EU zougelooss an ab nächstem Joer soll et och hei zou Lëtzebuerg kënnen verschriwwe ginn. D'EU hat ufangs bei der Zouloossung gezéckt wéinst de Niewewirkungen, dorënner Gehierbluddungen. Éischtén Experienzen no sinn déi manner schro wéi gefaart, mee d'Patiente mussen iwwerwaacht ginn. D'Patiente misste während 12 Méint mindestens 4 Mol an eng IRM goen. Ouni dës Kontrolle kéint d'Medikament net verschriwwe ginn. An der Vergaangenheet goufen et grouss Retarde bei den IRMen.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wäert et zu Lëtzebuerg fir Patient:inne wierklech méiglech ginn, fir effektiv een Traitement mat Lecembi ze kréien, obwuel déi virgeschriwwe Kontrollen am IRM an der Realitéit opgrond vun den aktuelle Waardezäite ganz schwéier kéinte ginn?
2. Gouf eng Strategie ausgeschafft, mat där déi virgeschriwwe 4 Kontrollen am IRM fir Patient:innen, déi an engem Traitement mat Lecembi sinn, méiglech gemaach soll ginn? Wa nee, firwat gëtt et heifir keng Strategie?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven  
Deputéierten

